PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Ministère de l'Agriculture,
de la viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 303/2021
19 AVR. 2021
A traiter par:
Copie à:

n° 4101

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Aliff Clarisse , 16:16, 16/04/2021

Lëtzebuerg, den 16/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'Fro n°3800 huet de Minister erkläert, dass am Ganzen 3023 Déierentransporter vu Lëtzebuerg aus an d'EU Ausland gaangen. Wéi awer schonn an der Fro 3800 erkläert koum et an der EU schonn zu Fäll an deenen d'EU Ausland am Endeffekt nëmmen een Transitland war, an Déieren herno am Net-EU Ausland gelant sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn dem Ministère Fäll bekannt, wou een EU Land am Endeffekt nëmmen d'Transitland vun engem Déierentransport aus Lëtzebuerg war, Déieren also no 48h Stonnen op ee weideren Transport geluede goufen an d'EU verlooss hunn?

2. An der Äntwert op d'Fro 3800 sot de Minister, dass vun den 51 Transittransporter an deene leschte 5 Joer, keen eenzege kontrolléiert gouf.
   Firwat goufen dës Transporter ni kontrolléiert? Sinn esou Kontrollen an Zukunft geplangt?

3. Huet den Ministère Donnéeën iwwert den Zoustand an deem Déieren aus Lëtzebuerg nom Transport waren? Wéi vill Déieren hunn 2020, den Transport an d'Ausland net iwwerlieft? Bei wéi villen Déiere goufen 2020 Verletzunge festgestallt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 16 avril 2021

Objet : Question parlementaire n° 4101 du 16.04.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Transports d'animaux

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 303/2021

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 4 mai 2021

Objet: Question parlementaire n° 4101 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 4101 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

1. **Sinn dem Ministère Fäll bekannt, wou een EU Land am Endeffekt nëmmen d'Transitland vun engem Déierentransport aus Lëtzebuerg war, Déieren also no 48 Stonnen op ee weideren Transport geluede goufen an d'EU verlooss hunn?**

   Dem Ministère si keng esou eng Fäll bekannt.

2. **An der Äntwert op d'Fro 3800 soot de Minister, dass vun den 51 Transittransporter an deene leschte 5 Joer, keen eenzege kontrolléiert gouf.**
   Firwat goufen dës Transporter ni kontrolléiert? Sinn esou Kontrollen an Zukunft geplangt?

   Fir d'Transittransporter musse keng Informatioune matgedeelt ginn, wou a wéini genau se an d'Land kommen, a bedéngt duerch d'Gréisst vu Lëtzebuerg ass den Transit an domat den Openthalt am Land och nach relativ kuerz. Dës Faktoren erschwéieren eng präzis Planung vu Kontrollen an deem Beräich.

3. **Huet den Ministère Donnéeën iwwert den Zoustand, an deem Déieren aus Lëtzebuerg nom Transport waren? Wéi vill Déieren hunn 2020, den Transport an d'Ausland net iwwerlieft? Bei wéi villen Déieren goufen 2020 Verletzunge festgestallt?**

   Innerhalb vun der EU kréien d'Länner ee Feedback bei Laangzäittransporter. Bei den Dokumenter, déi déi Transporter begleeden, ass ee Volet virgesinn, deen nom Transport un de Ministère/déi zoustänneg Administratioun zeréckgeschéckt gëtt, an an deem Donnéeë betreffend de Verlaf vum Transport an den Zoustand vun den Déieren am Ziel ugi sinn.

   Am Joer 2020 goufe keng verletzten oder doudeg Déieren an deem Kader gemellt.